CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS



# Candidature pour les élections d'un délégué des pompiers volontaires assistant aux réunions du conseil d'administration du Corps grand-ducal d'incendie et de secours

Virnumm:

Andy

Familljennumm:

Ronck

Matricule CGDIS:

Roan02

Cadre:

Cadre de base

Geburtsdatum:

22.08.2002

Meng Motivatioun:

Als aktiven fräiwëllegen Pompjee kréien ech regelméisseg mat, dass et divers Problemer ginn, dei vill vun der Mannschaft beschwaat ginn an dei zu Onzefriddenheet ënner den engagéierten Fräiwëllegen féiert, mee trotzdem nett ob dat richtegt Ouer trefft an keng Ännerungen provozeiert.Hei fehlt oft den direkten Kontakt vun den Fräiwëllegen zu der Verwaltung an soumadd kommen hier wichteg Stëmmen an Virschléi leider nett do un, wou Ännerungen kennen gemaach ginn.
Genau deen Kontakt obzebauen an soumadder all deenen Engagéierten, dei fräiwëlleg hier Zäit an Energie opferen, eng Stëmm ze ginn, die geheiert gett motivéiert mech enorm. D'Méiglechkeet ze kréien, d'Aarbecht vun mengen fräiwëllegen Kameroden ze erliichteren an mech dofir anzesetzen, dass se och entspriechend eppes fir hiert Engagement zréck kreien an d'Problemer nett einfach am Raum stinn, motivéiert mech heibäi dozou, mech am Numm vun den Fräiwëllegen deenen verschiddenen Problemer ze stellen an stänneg no Méiglechkeeten ze sichen, d'Zefriddenheet ze erhéijen.

Meng Kompetenzen:

Meng Erfahrung an Ausbildungen als fräiwëllegen Pompjee am wäissen, am rouden Beräich an an engem GIS, hunn mir vill technescht Wëssen vermëttelt, sou dass ech een gudden Abléck an den wierklechen Alldaag vun engem fräiwëllegen Pompjee hunn an och wees, wei et konkret um Terrain ausgesäit.
Zousätzlech hunn ech an mengem Studium als Infirmier divers Kenntnisser an Erfahrungen am Beräich Kommunikatioun an Sozialkompetenz gewannen kënnen, wat et mir erlaabt och bei gréisseren Problemer effizient ze kommunizeieren, sou dass d'Problemer bemierkt ginn an mech anzesetzen, dass och d'Stemm vun Aaneren gehéiert gett.
Als Member vum GIS GACO, deen mat den CGO formt, als Chef d'Agrès an als an Däitschland zertifizéierten «Organisatorischer Leiter Rettungsdienst» konnt ech och schon divers Erfahrungen am Beräich Personalmanagement sammelen, an wat et heescht, Problemer ze léisen, fir seng Mannschaft anzestoen an sech fir sie anzesetzen.

Meng Erfarungen fir dësen Posten:

Aktuell sinn ech als Studentenvertrieder Member vum Conseil d'administration vun menger Héichschoul, wou ech och dest Joer erem d'Vertrauen vun den Studenten kritt hunn, sie ze représenteieren an hier Interessen dierfen ze vertrieden.
Zousätzlech sinn ech och an verschiddenen aaneren Organisatiounen an Veräiner an Comitéen oder ähnlech Positiounen gewiehlt ginn, woumadder ech och nett nemmen den représentativen, mee och den administrativen Aspekt vun desem Posten kennen an soumadder gudd mat mengen Aufgaben vertraut sinn. Dozou hunn ech och divers Firmen an Organisatiounen am Beräich Féirung an Kommunikatioun berooden, dest mam Schwéierpunkt ob Feedbackinstanzen an Représentatiounen vun dem Memberen an Mataarbechter.

Fierwat sollt Dir mech wielen:

Als aktiven Member am cadre de base am CGIDS, deen souwuel am rouden, am wäissen Beräich an och an engem GIS aktiv ass, hunn ech een gudden Abléck an den realen Alldaag an d'Problemer vun den fräiwëllegen Pompjeeën an een gudden Kontakt zu aaneren Pompjeeën, deenen hier Stëmm jo heibäi am Fokus ass. Zousätzlech konnt ech awer duerch mäin Engagement am GIS GACO, am CGO an mengem Interesse un der Féirung innerhalb vum CGDIS vill Abléck an d'Organisatioun vum CGDIS an an die verschidden Ofleef gewannen, wat et mir och erméiglecht, Problemer mei global unzegoen an soumadd mei schnell an mei laangfristeg ze léisen. Zousätzlech leen ech vill Wäert ob Transparenz an Feedback, sou dass ech ganz gäeren matgedeelt kreien, wann eppes nett sou ass wie et soll sinn, ech awer och verschidden Grenzen kennen an oppen kommunizeieren, falls eppes zum Beispill duerch extern Grenn nett emsetzbar ass, well een menger Meenung no, mat eidelen oder falschen Verspriechen fir desen Posten einfach onpassend ass.

3 Wierder déi mech am beschten Beschreiwen:

Engagéiert
Zil-orientéiert
Kommunikativ